



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro Nr. 7010 vum 18. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwert den Accord vum 17. Juli 2017 tëscht Lëtzebuerg an der Belsch iwwert de Medezinstudium

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Froe mat dëse Prezisiounen.

Den Accord vum 17. Juli 2017 iwwert déi universitär Kooperatioun am Beräich vum Medezinstudium mat der Communauté française de Belgique gesäit vir, dass all Joer e Maximum vu 15 Studenten, déi dat éischt Joer vum Bachelor an der Medezin op der Universitét Lëtzebuerg gepackt hunn a sech *en rang utile* klasséiert hunn an déi e Lëtzebuerger Secondaire-Ofschloss hunn, kënnen an dat zweet Joer vum Medezinstudium op enger vun den Universitété vum der franséischsproocheger Communautéit vun der Belsch zougelooss ginn. D'Konditioun, dass déi betreffend Studenten e Lëtzebuerger Secondaire-Ofschloss mussen hunn, ergëtt sech aus dem belschen Arrêté vum 12. Juni 2008 iwwert d'Plange vun der medezinescher Offer an ziilt dorop of, ze evitéieren, dass belsch Studente via en éischt Joer op der Universitét Lëtzebuerg den Entrées-Examen vun der franséischsproocheger Communautéit géifen ëmgoen. Dës Konditioun gëtt och am neien Accord vum 4. Januar 2022 bäibehalen, deen, zousätzlech zu den Dispositiounen vum Accord vum 2017, ab dem akademesche Joer 2023-2024 e Maximum vun 8 Plazen am zweeten Zyklus vum Medezinstudium an der franséischsproocheger Communautéit fir Absolvente vum Bachelor an der Medezin op der Universitét Lëtzebuerg virgesäit.

Et ass heizou nach ze bemierken, dass en änlechen Accord mat Frankräich besteet, dee 34 Plazen am 2. Joer vum Medezinstudium op dräi franséischen Universitété fir Absolvente vum éischte Joer vum Bachelor an der Medezin op der Universitét Lëtzebuerg a 25 Plazen am zweeten Zyklus vum Medezinstudium op deene selwechte franséischen Universitété fir Absolvente vum komplette Bachelor-Programm op der Universitét Lëtzebuerg virgesäit. Dësen Accord ass net mat enger Konditioun vun engem Lëtzebuerger Secondaire-Ofschloss verbonnen. Studenten op der Uni Lëtzebuerg, déi kee Lëtzebuerger Secondaire-Ofschloss hunn, hunn also d'Méiglechkeet, hire Medezinstudium op enger franséischer Universitét weiderzeféieren.

Lëtzebuerg, den 10. November 2022

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch